



**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7889 vum 17. Abrëll 2023 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen iwwert "Échange de terrains étatiques avec la Fondation "Hëllef fir d'Natur""**

**1. Kann d'Madamm Ministesch dat bestätegen? Matt wéi enge Fondatioune oder soss Organisatioune gött esou een Tosch envisagéiert?**

Jo, een Tosch ass envisagéiert mat natur&ëmwelt, Fondation Hëllef fir d'Natur, awer den Detail wat effektiv getosch soll ginn, ass nach net ficeléiert.

**2. Wann jo, ëm wéi eng an ëm wéi vill Flächen handelt et sech? Wou leien dës Flächen?**

Folgend Oplëschtung stellt just eng Auswiel vu méigleche Flächen duer, déi fir een eventuellen Tosch a Fro kéimen.

Potenziell Fläche vum Staat fir den Tosch sinn 188 Parzellen a folgende Gemengen:

Commune	Forêt	Pré/pâtur	Surface totale Etat (ha)
Arsdorf	0,54		0,54
Asselborn	2,70		2,70
Bigonville	0,99	2,49	3,48
Boulaide	1,15	0,67	1,82
Clervaux		1,04	1,04
Goesdorf		0,35	0,35
Hachiville	0,62	3,67	4,29
Heiderscheid	0,63		0,63
Heinerscheid	27,30	8,78	36,08
Hosingen	8,23		8,23
Mecher	1,49		1,49
Munshausen	2,93		2,93
Perlé		1,98	1,98
Troisvierges	0,57	1,05	1,63
Weiswampach	1,53	0,20	1,73
Wilwerwiltz	4,11	2,23	6,34
<b>Surface totale (ha)</b>	<b>52,81</b>	<b>22,47</b>	<b>75,27</b>

Potenziell Fläche vun Hëllef fir d'Natur fir den Tosch sinn 333 Parzellen a folgende Gemengen:

Commune	Forêt	Pré/pâtur	Surface totale HfN (ha)
Boulaide	3,61	1,54	5,15
Bourscheid	13,53		13,53
Clervaux	18,22	2,63	20,86
Esch-sur-Sûre	0,96	0,31	1,28
Goesdorf	5,41		5,41
Kiischpelt	31,17	3,47	34,64



Lac de la Haute-Sûre	12,36	1,45	13,81
Parc Hosingen	11,34	0,66	12,00
Rambrouch	2,28	1,13	3,41
Tandel		0,60	0,60
Troisvierges	1,48	0,86	2,33
Weiswampach	1,87	0,34	2,21
Wiltz	5,61		5,61
Wincrange	11,40	2,11	13,51
Winseler	1,38	0,74	2,13
<b>Surface totale (ha)</b>	<b>120,62</b>	<b>15,85</b>	<b>136,47</b>

**3. Wuelwëssend datt de Staat am ëffentleche Bësch deen a Schutzzone läit, souwisou Naturschutz bedreift, kann d'Ministesch doropper agoe wat deemno d'Grënn fir esou een Tosch sinn?**

Dës méiglech Flächen si kleng isoléiert Propriétéiten, déi momentan eng Gestioung schwiereg gestalten, well jeeweils déi aner Partie ugrenzend Propriétaire vu gréisseren zesummenhängenden Parzellen ass. Dofir ass den Haaptgrond fir den Tosch d'Flächenzesummenleeung am Sënn vun enger méi effizienter Betreierung an naturnoer Bewirtschaftung. Esou eng Zesummenleeung beschleunegt, duerch déi méi einfach Gestioung vun den Flächen, d'Ereechen vun den Objektivier vun eisem nationalen Naturschutzplang (PNPN3).

**4. No wéi enge Critèrë ginn d' Austauschfläche berechent - dat heescht wéi vill Fläche kritt de Staat zeréck?**

D'Berechnunge fir den Tosch verlafen no de Critèrë vum Comité d'Acquisition vum Finanzministère, wou d'Propositione fir den Tosch analyséiert a validéiert ginn.

**5. Kréien d'Fondatiounen oder soss Organisatiounen eng Bähëllef wann si Fläche kafen, déi a Schutzgebidder leien? Wéi eng Bähëllef kréien si am allgemenge fir dës Flächen?**

Jo, Bähëllef si virgesinn, wann Naturschutzorganisatiounen oder Gemengen Terraine fir Naturschutzzwecker kafen, dëst op Basis vum modifizéierte Gesetz vum 31. Mee 1999 « portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement ». D'Bähëllef a Schutzgebidder ass gedeckelt op 75% vum Akafpräis an och nach emol plafonnéiert op de Maximalbetrag pro Surface deen de Comité d'acquisition festgeluecht huet, fir d'Präisdeieregt net unzekuerbelen. Ausserhalb vu Schutzgebidder ass den Taux op 50% ugesat, mee cibléiert do da wichteg Elementer fir d'Kohärenz vun de Schutzgebidder, respektiv Biotopen an Habitater, déi fir d'Flora a Fauna ausschlaggebend sinn.

Déi kaaften Terrainen sinn haaptsächlech Bëscher, Fiichtgebidder oder extensiv bewirtschaft oder brooch Biotopen an Habitater.

Am Kader vun engem Tosch vun Terraine gëtt et keng Bähëllef.

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2023  
(s.) Joëlle Welfring  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung